Claude Mangen

# Eng zolitt regional Kulturoffer

*E Samschdeg 17. November gouf de regionale Kulturzentrum CUBE 521 zu Maarnech ageweit. De 7. Dezember ass et de Centre culturel «Op der Schmelz» zu Diddeleng an am Fréijoer 2008 mécht Iechternach seng Dieren op. Mam Kulturhuef Gréiwemacher, der Kulturfabrik Esch, dem Centre culturel de rencontre Neimënster am Stadgronn, dem Mierscher Kulturhaus an dem Centre des arts pluriels Ettelbréck, wéi och dem méi klenge Centre culturel Nidderanven kann d'Land op eng zolitt regional Kulturoffer opbauen. Ech stelle mer allerdéngs d'Fro, op et net zevill däers Gudden ass.*

A meng Äntwert ass ganz kloer: NEEN! Dës regional Kulturzentren kann a soll een net mat grousse prestigiéise Kulturtempele vergläichen, déi an der Haaptstad opgeriicht oder renovéiert goufen. Se fonctionnéieren anescht, bedéngen zum Deel eng aner Klientel a bidde vill méi en diversifizéierte Programm un. Ech wéilt souguer behaapten, datt déi regional Kulturhaiser mat der Zäit hir eegen Nues kruten a sech ënnereneen net eleng raimlech, mä och programmatesch ënnerscheeden.

Datt déi Lëtzebuerger Kulturlandschaft no 1995 e Qualitéitsprong gemaach huet, wësse mer, datt de Publikum net méi deeselwechten ass, ass bekannt an datt déi kulturell Offer sech enorm entwéckelt huet, erliewe mer dagdeeglech. Natierlech profitéiert virop eng avertéiert urban Populatioun vun dëser Situatioun, well fir si de Wee an e Concert, en Theaterstéck oder eng Ausstellung méi e kuerzen ass. „Déi kulturell Offer ass och e Gradmiesser fir d'Entwécklung vun engem Land a steet fir d'Diversifikatioun vun enger Regioun an d'Demokratiséierung vun der Kultur", sot d'Staatssekretärin fir Kultur, Octavie Modert, op der Aweiung vum CUBE 521.

De Kulturzentrum Maarnech ass e gutt Beispill fir dës Theorie. 1981 war d'Awunnerzuel vum Klierfer Kanton um absoluten Déifpunkt a mat däer vun 1830 ze vergläichen. Sou schreift de Léon Braconier et am Virwuert zu enger rezenter Spezialnummer vun der Zäitschrëft *De Cliärrwer Kanton*. Ufank den 90er Joren huet d'Blat sech gedréit. Dank der Zesummenaarbecht vu Gemengesyndikater konnt villes realiséiert ginn. Virun 13 Joer well gouf d'Iddi vun engem Kulturzentrum zu Maarnech diskutéiert, also nach virum Bau vun der Philharmonie. Déi Responsabel haten deemools Wäitsiicht, well haut steet de CUBE 521 am Häerz vum Naturpark Our net wäit wech vum Dräilännereck a mat der Fusioun vun de Gemenge Munzen, Hengescht a Klierf dierft nach eng Dimensioun derbäikommen. De Cube fir d'Regioun, ass der Direktrice Odile Simon hir Devise an dat generatiounsiwwergräifend. Niewent engem villsäitege Kulturprogramm mat professionnelle Kënschtler aus dem In- an Ausland soll d'Haus op si fir déi lokal Acteuren. Grad heira leien d'Stäerkten an d'Chance vu regionale Infrastrukturen, sief dat zu Munzen, Ettelbréck, Miersch, Gréiwemacher oder Iechternach. Vläicht maachen Neimënster an d'Escher Kulturfabrik hei eng Ausnam.

Wann déi Responsabel bis agesinn hunn, datt si net kënnen a sollen mat de Méiglechkeeten a Budgeten vun engem Stater Theater, enger Philharmonie, oder Musée d'Art moderne konkuréieren, mä Alternative mussen ubidden, si se hirer Vokatioun schonn e gutt Stéck méi no. Wichteg ass an deem Kontext och den Identifikatiounsfakteur beim regionale Publikum. Déi regional Kulturzentren hunn eng wichteg Opbauaarbecht ze leeschten an der Sensibiliséierung a Formatioun vum Publikum. Vill Gemenge si sech dees bewosst an investéieren a Kultur, mol méi mol manner.

Datt dës Kulturzentren nëmme kënne richteg wuesse mat deenen, déi dra schaffen a plangen, ass kloer. Hinne kënnt eng enorm kriddeleg awer wichteg Roll zou – engersäits fir international Kontakter ze hunn a wakereg ze bleiwen, wat an der Kulturzeen passéiert, anerersäits fir de Besoinen a Sensibilitéite vu lokale Veräiner entgéint ze kommen. Dat ass keng einfach Charge, verlaangt Kënnen a Wëssen a virun allem Fangerspëtzegefill.

Respekt fir déi, déi **dat** fäerdeg bréngen.

*Kulturchronik vum 20.11.2007*

*De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50*